# Newsletter 02/2025



## Sprooch / Langue

***Letzebuergesch Versioun***

***Version française***

# Newsletter

02/2025

## NEI PRODUZENTEN

Dës 2 Betriber hunn *d'Natur genéissen* Konventioun mat SICONA an den dräi Naturparken kierzlech ënnerschriwwen.

### Yves Kalbusch vun Hëpperdang

De Yves Kalbusch féiert zu Hëpperdang an der Gemeng Clierf e landwirtschaftleche Familljebetrib, deen sech spezialiséiert huet op Rëndfleesch vun de Rassen Aubrac an Angus, produzeiert no de Reegelen vum biologesche Landbau. Zanter 2024 ass säi qualitativ héichwäertegt Rëndfleesch Deel vum Projet *Natur genéissen*.



Fir beim Projet matzemaachen, huet hie säi Betrib un d'Ufuerderunge vum Qualitéitsprogramm ugepasst. Well Landschafts-Strukturelementer um Betrib gefeelt hunn, huet hien sech dozou verflicht, e Biodiversitéitsvertrag fir d'Ulee vu Bléisträifen op mindestens 7 Ar ofzeschléissen.

Dëst Fleesch fënnt säi Wee a Schoulkiche vu Gemengen, déi sech bewosst fir regional, nohalteg an natierlech produzéiert Liewensmëttel entscheeden – an dréit esou zu enger méi noër Verbindung tëschent Landwirtschaft a Ernärung bäi.

### CIGL Sanem a.s.b.l. vun Zolwer

Den Dany Scholten, de Responsabel vum CIGL Suessem an de Zinel Ramdani, de Responsabel vum Service „Suessem Schmaacht", weisen sech ganz engagéiert wann et ëm d'Fusioun vun enger nohalteger Landwirtschaft an der Reintegratioun vu motivéierten aarbëchtssichende Bierger geet. Iwwert en Zäitraum vun zwee Joer kennen hei d'Beneficiairen vun deser a.s.b.l. am landwirtschaftleche Beräich ausgebilt ginn.



# Newsletter

02/2025

Säit Ufank dës Jores kann de SICONA de CIGL Suessem als neie Partner beim Projet *Natur genéissen* dobäi zielen. No de Regelen vun der biologescher Landwirtschaft, ginn hei op enger Notzfläch vu ronn 45 Ar circa 40 verschidden Geméiszorten ugebaut. Gedüngt gëtt hei mat Mëscht vum Noper senge Geessen a mat Kompost vum SIGRE[1].

Nohaltegkeet gëtt hei net nëmmen am Sënn vum Natur- an Ëmweltschutz verstanen, mee och am Sënn vun enger sozial-solidarescher Landwirtschaft. Dat alles mam Zil esou ressourcëschounend, kreesslaaforientéiert a nohalteg wéi méiglech ze schaffen an d‘ Clientë mat frëscher, leckerer a virun allem gesonder Wuer ze beliwweren.

## *Natur genéissen* feiert seng 50! Produzenten

Säit 2016 wiisst de Projet ëmmer weider a viru kuerzem huet de 50. landwirtschaftleche Betrib d’Konventioun mam *Natur genéissen* ënnerschriwwen. Souwuel konventionell wéi och biologesch Betriber erfëllen déi verschidden Nohaltegkeets- an Naturschutzkrittären. Dozou gehéiert bei der Produktioun Buedem-, Waasser- a Klimaschutz, esou wei och e komplette Verzicht op genetesch verännert Fuddermëttel an eng déieregerecht Fidderung an Haltung. All *Natur genéissen* Produzent stellt 5 % vu senger Produktiounsfläch fir den Erhalt an d’Schafung vu Liewensraim fir heemesch Déieren- a Planzenaarten zur Verfügung a leescht domat e wichtege Bäitrag zur nohalteger Entwécklung vun der Landschaft.

Mir si frou, dass esou vill Betriber beim Projet *Natur genéissen* matmaachen! Ee grousse Merci fir hiert Vertrauen, Engagement an hier Ënnerstëtzung. Ouni si wier dëse Projet net méiglech!

**Weider *Natur genéissen* Betriber ginn an deenen nächsten Newslettere virgestallt.**

[1] Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach.

# Newsletter
02/2025

**Téscht Feld a Finanzen: D'*Natur genéissen* Produiten a Suen ausgedréckt**

*Natur genéissen* Produzente vermaarten hier Produiten iwwert verschidde Weeër un d'Structures d'Education et d'Accueil (SEA). Déi verschidde Produiten, wéi beispillsweis Uebst, Geméis, Mëllechproduiten, Fleesch an Eeër kënnen, je no Produit a Betribsorganisatioun, um Haff selwer oder aus zweeter Hand bei engem Veraarbechter oder Grossist kaf ginn.


An de SEA'en, déi Deel vum *Natur genéissen* sinn, kommen dës nohalteg, gesond a virun allem LECKER Liewensmëttel alldeeglech op den Teller. D'Liewensmëttel déi de Kanner zerwéiert ginn solle mindestens zu 13% aus *Natur genéissen* Produite bestoen. Déi droen net nëmmen zu enger gesonder Ernierung vun de Kanner bäi, mee den Akaf vun dëse Produiten ënnerstëtzt och nach zousätzlech aktiv de Produzent. Sou entsteet een Kreeslaf tëscht enger gesonder Ernierung an enger nohalteger Landwirtschaft.

D'*Natur genéissen* Produzenten a Veraarbechter hunn duerch hier Participatioun beim Projet *Natur genéissen* ee vergréisserten a relativ stabilen Ofsazmaart deen sech nawell weise léist. Hei profitéieren net nëmmen *Natur genéissen* Produzente a Veraarbechter, mee och aaner lëtzebuergesch Produzenten ginn duerch de regionalen Akaf, deen duerch *Natur genéissen* gefuerdert gëtt, ënnerstëtzt. D'Auswertung vun den Zuelen aus dem Akaf vun den SEA'en aus de SICONA Gemengen am Schouljoer 2024/25 ënnersträicht déi wirtschaftlech Ënnerstëtzung vu *Natur genéissen* fir déi regional Ekonomie.

D'Zuele loossen sech effektiv weisen! Am SICONA **Centre** fléissen 22% vun de Liewensmëttel-Ausgaben vun de SEA'en an den Akaf vun *Natur genéissen* Produiten, dat mécht am Schouljoer 2024/25 e Betrag vun 624.542€ aus. Am SICONA **Sud-Ouest** sinn et ganzer 19%, wat een Total vun 1.000.452€ ausmécht.

Dës Beträg kommen alle Partner vum Projet zu gutt; dat geet vum *Natur genéissen* Produzent (Primärproduktioun) iwwer de Veraarbechter (e.a. Millen, Schluechthaus, Metzler) bis un de Verkeefer (Grossist). Doriwer eraus goufen am SICONA **Centre** 27% fir lëtzebuergesch Produiten, déi net vun *Natur genéissen* Produzente stamen, ausginn, wat am Schouljoer 2024/25 e Betrag vun 827.265€ duerstellt. Och am SICONA **Sud-Ouest** sinn et 27%; hei stellt dat ee Volume vun 1,79 Milliounen € duer.

Idem ass dëst an den 3 Naturparken festzestellen. Hei goufen am Schouljoer 2024/2025 fir *Natur genéissen* Produiten 338.522€ ausginn wat een Duechschnëtt vun 21% ausmëscht. Fir lëtzebuergech Produiten, déi net vu *Natur genéissen* Produzente sinn, gouf eng Dépense vun 481.155€ dokumentéiert wat am Duerchschnëtt 26% ausmëscht.



## SEA (Service d’éducation et d’accueil)

### *Campus Elwen (Internat, Maison Relais, Crèche an MINA[2]-Grupp)*

Säit der Rentrée 2024/25 ass och d’Elwenter Gemeng Deel vum Projet *Natur genéissen*. Heibäi sinn dat net nëmmen d’Strukture vum SEA mat der Maison Relais an der Crèche mä och d’Internat an den MINA-Grupp. Am Ganze ginn do pro Dag bis zu 300 Molzechten fir d’Kanner an d’Personal preparéiert.



Wéi all d’Strukture vun Elisabeth Enfance, befollegt och de Campus Ëlwen d’Elisabeth Kichekonzept. Dëst Konzept gesäit eng gesond, equilibréiert, saisonal a regional Ernärung vir, esou dass d’Ëmsetzung vun den *Natur genéissen* – Krittäre scho bal ee Kannerspill war.

Trotzdeem gi säitdeem an enker Zesummenaarbecht mat de Responsabel vun *Natur genéissen*, d’Menüplang optiméiert, esou dass méi ee groussen Akzent op *Natur genéissen* Produite geluecht gëtt.

Och den Ëlwenter Kanner ass den Ënnerscheed schonn opgefall. Duerch Visitten op Partnerbauerenhäff, Kachaktivitéiten oder d’Präsenz vum Chefkach beim Iessen, gëtt hinnen dëse flotte Projet méi no bruecht.



***Weider esou!***

[2] Mineurs non accompagnés

Newsletter

02/2025

*Planzebaséierten Ernierung am Kandesalter*

Hautzudaags ginn et immens divers Ernierungsformen, déi vu vegetaresch, vegan, flexitaresch, omnivore, bis hin zu pescetaresch variéieren - do kann een och mol gären den Iwwerbléck verléieren!

Am Kader vum *Natur genéissen* an de SEA'en kucke mir eis dozou déi vegetaresch Ernierung mol méi genee un. Déi vegetaresch Ernierung vu Kanner ass dacks ëmstridden well gefaart gëtt, d'Kand géif net kreien wat et fir säi Wuesstum brauch. Anerersäits solle Kanner laut de Recommandatioune vum Gesondheetsminister op 20 Deeg gesinn, 10 mol Fleesch, 4 mol Fësch a 6 vegetaresch Haaptmolzechten zerwéiert kréien.

Mee wéi gesäit et da mat der Nährstoffversuergung aus bei de Kanner? Kréie si alles wat si brauchen? A wéi gesinn esou Molzechten aus? – Dës Froen, an nach wéideres, kritt dir vun eiser Dieteticienne an dësem kuerze Video erklärt!

***Video***

# Newsletter

02/2025

Natur genéissen

## RÉCKBLÉCK

### *Lynn Jemming* an *Natur genéissen:* RTL Reportage an der Kichen vun der Maison Relais Geenzepark

Viru Kuerzem ware mir mam RTL-Journalist Philippe Dondelinger an d'Kiche vun de Weeltzer Maison Relais'en an op den *Natur genéissen* Betrib vum Lynn Jemming op Kohler luussen.

An der Maison Relais Geenzepark an der Gemeng zu Woltz gëtt all Dag fir ronn 600 Kanner gekacht. Doduerch, datt d'Weeltzer Gemeng bei eisem Projet *Natur genéissen* matmécht, profitéieren d'Kanner vu gesondem, regionalem a saisonalem Kascht.

D'Produzenten wei d'Lynn Jemming, déi d'Liewensmëttel liwweren engagéieren sech hirersäits dem Naturschutz an hale bestëmmte Krittäre bei der Produktioun an.

Entdeckt hei de ganze Reportage am Replay ab der Minutt ´12:

**Video**

### *Nature for people – People for Nature* 2025

*Nature for people,* dat sinn Aktivitéiten an Excursiounen, organiséiert vu SICONA, fir Grouss a Kleng ronderëm déi verschidden Déieren- a Planzenaarte wéi och d'Schaafung an den Ënnerhalt vu Liewensräim. 2025 ware mir an deem Kader direkt op 2 *Natur genéissen* Betriber op Besuch.

# Newsletter

02/2025

Natur genéissen

### Bio-Haff an Dudel - Ouschtereeër natierlech fierwen

Am Abrëll gouf et fir Ouschteren um Bio-Haff “An Dudel” beemol ganz bont! D’Famille konnten sech umelle fir den Haff besichen ze kommen a frësch Héngereeër vum Haff (neit Produkt vum Haff zënter 2024) selwer natierlech fierwen ze kennen. “An Dudel” steet fir seng Bio-Produiten di aus enger nohalteger Landwirtschaft stamen. Direktverkaf am haffeegene Buttek oder och iwwert verschidde Grousshändler kann een dës Bio-Produite kafen.

Den Timing loung ganz op de Familljen hirer Säit – d’Jippelcher si kuerz virun äiser Visite geschlüpft! Jeeweils fir d’Kanner a fir d’Elteren een Highlight.

D’Kanner konnten no der Visite vum Bio-Haff hier Eeër an hire Kierfchen tässelen an um Wee zeréck bei den Atelier kleng Blimmercher plécken. Di goufen duerno op d’Eeër geluecht, mat enger Nylonssträmp fest gebonnen an an de virpreparéierten Zwiwwelfond geluecht – villäicht e bëssi Gepiddels, mee dofir ee riiseg grousse Spaass a wonnerschéin Eeër mat enger brong marbréierte Faarf a schéine Blumme-Musteren!



# Newsletter

02/2025

## AGENDA

**Samschden, 06.09.2025 - 9:30-12:00**



Bei dëser Excursioun den 6. September 2025 besiche mir den *Natur genéissen* Betrib „Karelshaff“ vun der Famill Colling an der Gemeng Colmer-Bierg. Bei engem Spadséiergang iwwert de Flouer a Richtung „Laangt Mouer“ kritt een Erklärungen zum Zesummenhang vu Landwirtschaft a Landschaft, mat Fokus op den Naturschutz. Dono geet et zeréck op de Betrib, wou eng Visitt vum Haff gemaach gëtt. Jiddereen ass wëllkomm. Matmaachen per Umeldung. D’Aktivitéit ass gratis.

***Nature for People***

## GUTT ZE WËSSEN

**Nei Partner**

*Natur genéissen* begréisst seng nei Partner, déi eng Konventioun am Kader vum Projet ënnerschriwwen hunn. Dozou gehéieren den „CNDS Ëlwen“ an d’Metzlerei „Beim Burg“. De *Comité National de Défense Sociale* - CNDS zu Ëlwen bitt d’Veraarbechtung vu Geméis a Gromperen un, wéi zum Beispill d’Schiele vun Natur genéissen Geméis a Gromperen. Fir d’Verschaffe vun *Natur genéissen* Fleesch bitt sech och elo d’Metzlerei „Beim Burg“ zu Lieler.

# Newsletter

02/2025

### Neie gemeinsamen Internetsite

Säit November 2024 gëtt et de gemeinsamen *Natur genéissen* Internetsite vu SICONA an den 3 Naturparken Naturpark Our, Naturpark Öewersauer an Natur- & Geopark Mëllerdall. Op dësem Site fënnt een all Infoen iwwert de Projet an och eng interaktiv Kaart mat de Produzenten a Gemengen, déi matmaachen. Sidd virwëlzeg a klickt eran op www.naturgeneissen.lu

**Natur genéissen**

### Neie Video

Mir ware mam Filmteam vu *Capsule* op *Natur genéissen* Betriber an an engem SEA fir een Tournage. Den *Natur genéissen* Video ass am November erauskomm an erkläert d'Philosophie hannert dem Projet an déi gemeinsam Zesummenaarbecht tëschent den *Natur genéissen* Produzenten an *Natur genéissen* Maison relais'en an de Gemenge vu SICONA an den dräi Naturparken. Kuckt Iech hei de ganze Video un:



**Video**

## Bis geschwënn an der nächster Newsletter!

SICONA Naturschutzsyndikat · Naturpark Öewersauer · Naturpark Our · Naturpark Mëllerdall Geopark

# Newsletter
02/2025

Natur genéissen

## NOUVEAUX PRODUCTEURS

Deux producteurs ont récemment signé la convention *Natur genéissen* avec SICONA et les trois parcs naturels.

### Yves Kalbusch de Hupperdange

Yves Kalbusch est à la tête d'une exploitation agricole familiale, spécialisée dans la viande de bovin de la race Aubrac et Angus, et produisant selon les règles de l'agriculture biologique. Cette viande de qualité est commercialisée à travers le projet *Natur genéissen* depuis 2024.



Afin de s'inscrire dans le projet, il a rendu l'exploitation conforme aux exigences du programme de qualité. Pour compenser l'absence d'éléments de structures naturelles sur ses terres, il s'est engagé à installer des bordures de champs fleuries sur au moins 7 ares en signant un contrat de biodiversité.

La viande de ses bêtes est vendue et préparée dans les cuisines scolaires des communes qui aspirent particulièrement une alimentation régionale, durable et en accord avec la nature. Ce qui contribue directement à serrer les liens entre l'agriculture et l'alimentation.

### CIGL Sanem a.s.b.l. de Soleuvre

Dany Scholten, responsable du CIGL Sanem, et Zinel Ramdani, responsable du Service « Suessem Schmaacht », s'engagent pour fusionner agriculture durable et intégration de citoyens motivés à la recherche d'un emploi. L'asbl offre aux bénéficiaires une formation sur deux ans dans le domaine de l'agriculture.



SICONA Naturschutzsyndikat · NATURPARK ÖEWERSAUER · NaturparkOUR · Naturpark Mëllerdall Geopark

CIGL Sanem a intégré le projet *Natur genéissen* en début d'année. Environ 40 variétés différentes de légumes sont cultivées selon l'agriculture biologique sur plus ou moins 45 ares. L'engrais provient des chèvres du voisin et du compost du SIGRE[3].

La durabilité n'est pas seulement recherchée pour la protection de la nature et de l'environnement, mais l'asbl la vise également en s'engageant pour une agriculture sociale et solidaire. Tout cela avec l'objectif de respecter au mieux les ressources, de favoriser l'économie circulaire tout en offrant des produits durables, frais, savoureux et sains aux clients.

## *Natur genéissen* fête ses 50 producteurs !

Depuis sa création en 2016, le projet a grandi perpétuellement jusqu'à sa 50e exploitation agricole ayant signée la convention *Natur genéissen* récemment. Conventionnelles ou biologiques, les exploitations répondent aux critères de durabilité et de protection de la nature parmi lesquels la protection du sol, de l'eau et du climat ainsi que du fourrage sans OGM et de l'élevage dans le respect de l'animal. Les producteurs sont tenus de réserver 5 % de la surface agricole au maintien et à la création d'habitats pour la faune et la flore indigène. Ils contribuent ainsi de manière substantielle au développement durable de l'agriculture.

Nous sommes heureux qu'autant de producteurs font aujourd'hui partie du projet *Natur genéissen*. Nous tenons à remercier chacun et chacune pour leur confiance, leur engagement et leur soutien, sans eux, le projet n'existerait pas !

**D'autres exploitations *Natur genéissen* seront présentées dans la prochaine édition !**

[3] Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach.

## Entre champs et finances: les produits *Natur genéissen* au comptant

Les producteurs *Natur genéissen* commercialisent leurs produits à travers différents débouchés aux structures d'éducation et d'accueil (SEA). Selon l'exploitation et le type d'aliment, fruits, légumes, produits laitiers, viandes et œufs sont vendus directement à la ferme ou à travers un transformateur ou grossiste.


Ces aliments durables, sains et surtout savoureux sont au menu des SEA qui participent au projet *Natur genéissen*. Au minimum, 13 % des aliments servis aux enfants doivent être des produits *Natur genéissen*. De cette façon, les enfants reçoivent une alimentation saine et les producteurs, en même temps, un soutien effectif afin d'aboutir à une dynamique circulaire entre alimentation saine et agriculture durable locale.

Les producteurs participant au projet *Natur genéissen* bénéficient d'un débouché supplémentaire notable et relativement stable. De plus, également tous les autres producteurs nationaux, n'ayant pas de conventions *Natur genéissen*, en profitent, du fait que le programme *Natur genéissen* s'investit de manière générale pour le marché régional. L'évaluation des dépenses pour l'achat d'aliments par les SEA dans les communes membres SICONA de l'année scolaire 2024/25 souligne l'impact favorable de *Natur genéissen* sur l'économie régionale.

Les chiffres sont significatifs : pour l'année scolaire 2024/25, 22 % des dépenses alimentaires des SEA sont allouées à l'achat de produits *Natur genéissen* pour l'ensemble des communes SICONA **Centre** ce qui équivaut à 624.542 € contre 19 % et un total de 1.000.452 € dans l'ensemble des communes SICONA **Sud-Ouest**.

Ces chiffres profitent à tous les partenaires du projet, du producteur primaire au transformateur (p.ex. moulin, abattoir, boucherie) au vendeur (grossiste). À côté des produits *Natur genéissen*, 27 % des dépenses ont été consacrées à des produits luxembourgeois dans les communes SICONA **Centre** au court de l'année scolaire 2024/25 pour un montant de 827.265€ tandis que les 27 % dans les communes SICONA **Sud-Ouest** reviennent à un total de 1,79 millions €.

La situation est comparable dans les trois parcs naturels où une moyenne de 21 % des dépenses ont été faites pour les produits *Natur genéissen* pour un total de 338.522 € pour la même année scolaire. Les dépenses pour les produits luxembourgeois d'exploitations non conventionnées se chiffrent avec 26 % à 481.155 €.



## SEA (Service d'éducation et d'accueil)

*Campus Troisvierges (internat, maison relais, crèche et groupe MINA[4])*



La commune Troisvierges a intégré le projet *Natur genéissen* à la rentrée 2024/25 avec ses structures SEA, maison relais et crèche, ainsi qu'avec l'internat et le groupe MINA. Au total, jusqu'à 300 repas sont préparés chaque jour pour les enfants et le personnel.

Comme dans toutes les maisons de Elisabeth, le campus Troisvierges applique le concept cuisine « Elisabeth Enfance », selon lequel une alimentation doit être saine, équilibrée, saisonnière et régionale, ce qui correspond parfaitement aux critères *Natur genéissen*.

Les menus sont élaborés en étroite collaboration avec les responsables *Natur genéissen* afin de les optimiser quant à l'intégration de produits *Natur genéissen*.

Les enfants de Troisvierges ont remarqué la différence, notamment à travers des visites à la ferme, des ateliers cuisine et la présence du chef de cuisine lors des repas pour les sensibiliser aux principes du projet.



**Continuez ainsi !**

[4] Mineurs non accompagnés

### *Alimentation à base de plantes en bas âge*

De nos jours, il existe de nombreux régimes alimentaires différents – végétarien, végan, flexitarien, omnivore, pescétarien – tellement qu'on pourrait en avoir le vertige.

Dans le cadre de *Natur genéissen*, nous regardons l'alimentation végétarienne de plus près. D'un côté, une alimentation végétarienne prête à discussion car la préoccupation prévaut que l'enfant est privé d'apport essentiel à son développement. De l'autre côté, le ministère de la Santé recommande aux enfants de consommer 10 fois de la viande, 4 fois du poisson et 6 fois des plats végétariens sur une période de 20 jours.

Mais qu'en est-il des apports en nutriments chez les enfants ? Est-ce qu'ils mangent ce dont ils ont besoin ? Et à quoi ressemble de tels plats ? Retrouvez les réponses à ces questions et d'autres dans la vidéo avec notre diététicienne !

**Video**

## RÉTROSPECTIVE

### *Lynn Jemming* et *Natur genéissen:* reportage RTL dans la cuisine de la maison relais « Geenzepark »

Nous avons accompagné le journaliste de RTL Philippe Dondelinger lors de son reportage à travers les cuisines des maisons relais de Wiltz et à la ferme *Natur genéissen* de Lynn Jemming à Kahler.

Tous les jours de la semaine des repas pour 600 enfants sont préparés à la maison relais « Geenzepark» dans la commune de Wiltz, qui participe au projet *Natur genéissen* et assure ainsi une alimentation saine, régionale et de saison aux enfants.

Les producteurs *Natur genéissen,* tels que Lynn Jemming, qui fournissent les denrées alimentaires, s'engagent quant à eux en faveur de la protection de la nature en respectant certains critères lors de la production.

Regardez le reportage en replay à partir de la minute ´12:

**Video**

## *Nature for People – People for Nature* 2025

*Nature for People – People for Nature,* ce sont des activités et excursions pour petits et grands organisées par SICONA sur des sujets comme : découverte des espèces animales et des plantes ainsi que la création et la sauvegarde des habitats. Au cours de l'année 2025, deux activités ont été organisées en collaboration avec des producteurs *Natur genéissen*, une en avril et une autre en septembre.

## Bio-Haff an Dudel – Teindre les œufs de Pâques avec des colorants naturels



À l'occasion de la fête de Pâque en avril, la ferme Bio-Haff « An Dudel » a fait le plein de couleurs.

Parents et enfants ont pu s'inscrire pour visiter la ferme et colorer les œufs tout frais de l'élevage des poules (nouveau produit de la ferme depuis 2024). « An Dudel » se démarque par ses produits bio issus de l'agriculture durable et disponibles directement à la ferme ou auprès de différents grossistes.

Le timing était parfait car les poussins ont vu le monde peu avant l'atelier : un moment fort aussi bien pour les enfants que pour les parents !

Après la visite de la ferme bio, les enfants ont collecté quelques œufs et au retour, ils ont cueilli des petites fleurs le long du chemin. Celles-ci ont été posées sur les œufs et le tout emballé dans une chaussette à nylon avant d'être trempé et cuit dans un fond d'oignons pour une coloration avec dessin fleuri. Un atelier qui demandait un peu d'application, mais qui faisait plaisir à tout le monde !

## AGENDA

**Samedi, 06.09.2025 - 9:30-12:00**



Lors de cette excursion en septembre, nous allons visiter la ferme *Natur genéissen* « Karelshaff » de la famille Colling, située dans la commune de Colmar-Berg. Lors d'une promenade à travers les champs en direction du lieu-dit « Laangt Mouer », les participants reçoivent des explications sur les corrélations entre agriculture et paysage avec accent sur la protection de la nature. Ensuite, l'excursion mène de retour à la ferme pour une visite de l'exploitation. Tout le monde est bienvenu ! Participation gratuite sur inscription.

***Nature for People***

## BON À SAVOIR

### Nouveaux partenaires

*Natur genéissen* souhaite la bienvenue à ses nouveaux partenaires, ayant récemment signé la convention *Natur genéissen*, notamment « CNDS Ëlwen » et la boucherie « Beim Burg ». Le *Comité national de défense sociale* - CNDS à Troisvierges transforme les légumes et les pommes de terre *Natur genéissen*, en s'occupant par exemple de l'épluchure., tandis que „Beim Burg" à Lieler travaille les produits de viande *Natur genéissen*.

# Newsletter

02/2025

## Nouveau site internet commun

Le site internet commun *Natur genéissen* de SICONA et des trois parcs naturels, Naturpark Our, Öewersauer et Natur- & Geopark Mëllerdall a été lancé en novembre 2024. Vous y trouvez toutes les informations utiles concernant le projet ainsi qu’une carte interactive reprenant les producteurs et les communes qui participent au projet. Retrouvez tout en un clic sur [www.naturgeneissen.lu](http://www.naturgeneissen.lu)

**Natur genéissen**

## Nouvelle vidéo



Nous avons accompagné l’équipe de tournage « Capsule » lors de leurs enregistrements chez des exploitations *Natur genéissen* ainsi que chez un SEA. La vidéo de présentation *Natur genéissen* a également été publiée en novembre dernier pour élucider la philosophie du projet ainsi que la collaboration entre producteurs, maisons relais et communes *Natur genéissen* dans la région du SICONA et des trois parcs naturels. Accédez à la vidéo ici :

**Video**

## À bientôt pour la prochaine newsletter!

SICONA Naturschutzsyndikat · Naturpark Öewersauer · Naturpark Our · Naturpark Mëllerdall Geopark